

Eng alternativ Bank - am Bangladesh

D'Alterfinanz, eng nei Associatioun, huet viru kuerzem, zesummen matt der Spuerkeess, e Konzept virgeluet, fir hei zu Lëtzebuerg en alternativt Spueren ze erméiglechen. De Spuerer kritt dobäi e manner héijen Zénsaz op senge Souen, wéi dat maartüblech as, dofir, an dat as dat eigentlecht Zil, brauchen déi, déi déi Soue léinen, och manner Zénsen ze bezuelen. Lo fro Dir Iech sécherlech, sou Souen géif ech och gäre léinen. Dat wärt awer nüt esou einfach méiglech sin, well dofir muss een eng Rei vu Kritären, z.B. aus dem etheschen an dem ekologeschen Beräich, erfällen. Et as evident, datt deen, deen hei zu Lëtzebuerg op en Deel vun sengen Zénsen verzicht, nüt wëllt, dass domadder am groussen Autobunnen oder am klengen Autoë finanzéiert gin.

Dass ét hei zu Lëtzebuerg esou laang gedauert huet, bis dass méi ethesch Approchen am Bankssektor Fouss faassen, as e bësse verwonnerlech. An ét wäert sécher Joren daueran, bis déi alternativ Finanzierung aus engem embryonalen Zoustand erauswüsst an zu engem bedeitenden Faktor an der lëtzebuergerischer Bankewelt gët, wann iwerhaapt. Domadder as dat aarmt Land Bangladesh Lëtzebuerg ém Joren viarus, wann och matt engem e bëssen aneren, der Lag am Bangladesh ugepasste Konzept.

D'Grameen Bank verléint am Bangladesh seit 12 Joer Suën un aarm Leit, Leit, déi esou wéineg Suën léinen, dass déi traditionell Banken un hinnen nüt, awer och glad nüt interesséiert sin. Déi aarem Leit waren virdrunner ugewisent op kleng Wucherer, déi pro Woch en Zéns vu bis zu 100% froen. D'Grameen Bank freet dogéint de maartüblechen Zéns vun 20 % pro Joer. Dat kléngt fir westeuropäiesch Oure vlächt vill, mee am Bangladesh as dat en üblechen Zéns am Vergläch zu den traditionelle Banken, eben matt deem Ennerscheed, datt déi némmen fir grouss Projeten Suë verléinen.

D'Konzept vum Mohammad Yunus, dem Grënner a President vun der Grameen Bank, hat an huet Erfolleg. D'Bank huet am Bangladesh mëttlerweil méi wéi 1.000 Agencen an e Portefeuille vun bal 2 Mio. Clienten. Dat heescht an anere Wieder: all 50. Bengal huet bei der Grameen Bank Suë geléint. Pro Joer verléint d'Grameen Bank émgerechent 12 Milliarden Frang un déi Aarm am Bangladesh. Et kann een also soen, dass dës Bank eng Institutoun gin as, déi och scho kopéiert gouf an anere Länner, an nüt all vun dése Länner si sougenannten Entdécklungslänner.

Et as also nüt vir näisch, dass de Mohammad Yunus, de Grënner vun der Grameen Bank, vun dem Magazine "Asiaweek" als ee vun deenen 20 wichtigsten asiateschen Personnagen vun haut agestuft gët. An och nüt vir näisch, dass den Mohammad Yunus am Oktober den Simon-Bolivar-Präis vun der UNESCO iwerreecht krut, d'UNESCO, deen Organismus vun de Vereente Natiounen, dee fir d'Kultur an d'Educazion zoustänneg as.

Ween as dann elo de Mohammad Yunus? Hien huet kee gesträifte Paltong un an keng Cravate, an trotzdem as en Economiste vun der Formatioun hir an huet säin Diplom op enger amerikanescher Uni gemaach. Nüt ze klasséieren, ausserhalb vun de Normen, fir nüt ze soen revolutionär an esou, huet hien dann och vi run zwielef Joren, mat Hëllef vu westleche Geldgeber an de Vereente Natiounen d'Grameen Bank ge grënnt.



in: Votre argent a du caractère

Déi meesch Montantén, déi d'Grameen Bank verléint, leien téschent 1.000 an 2.000 eiser Frangen. Vir eis Verhältnisser nüt vill Suën, mee am Bangladesh geet ét dur, vir e Stéck Buedem ze lounen, e bësse Geschier ze kafen oder e puer Stéck Véi. Et as nüt noutwendeg, virdrunner schon eppes gespuert ze hun. Der Bank hir Garantie berout op enger kollektiver Solidaritéit. Dat bedeut konkret, datt jidferen, dee gäre Suë léint, matt 4 aneren, déi och gäre Suë léinen, eng Solidargemeinschaft bild, datt also jidferen aus där Grupp dofir biergt, wann een aus der Grupp nüt kann zréckbezuelen. Op dës Manéier sin ét manner wéi 1% vun den Raten, déi am wöchentleche Rythmus fälle sin, déi d'Bank nüt resp. nüt fristgerecht kritt. En Taux vun deem munneg klassesch Bank dreemt.

Soubal se hire Prêt zréckbezuelt hun, maachen déi meesch Clienten gläich e neien Emprunt. An esou geléngt ét villen, matt der Zäit d'Aarmutsgrenz ze duerchbriechen an hire Liewensstandard ze verbesseren.

Iwerraschenderweis sin déi meesch Clientë Fraën. Bal 95% vun de Prête gin u Fraën. Am Fong as dat awer keen Zoufall, sou den Mohammad Yunus. "D'Fraën hun eng Visioun vun hirer Zukunft, an där vun hire Kanner. Si denken vill méi u Mar wéi d'Männer. A well si seelen d'Méglechkeet kréien, hiert Akommes ze verbesseren, notzen si d'Geleënhheet, fir e Credit ze kréien, a sin dobái ganz zouverlíssech".

D'Grameen Bank am Bangladesh wëllt awer e bësse méi si wéi eng Bank, déi Suën un déi Aarm verléint, si gesäit sech och e bëssen an enger Papperoll, eng Bank déi hire Clientë, fir ét emol esou ze soen, Liewensrotschléi mat op de Wee gét. Déi Rotschléi baséieren op véier Prinzipien: Disziplin, Eenheit, Courage an Aarbecht. Ennert de Rotschléi fénnt een z.B., dass kleng Famille besser sin, dass d'Hygiène wichteg as, dass d'Kanner sollen eppes léieren, dass een sech kierperlech betäge soll, dass een an der Famill

spuere soll, a finalment gét de System vun der Matt gëft, dee fir vill Famille ruinéis as, verurteilt.

Dir kënnt Iech virstellen, dass dës Ideologie an der Bank hir Roll an enger gewësser Förderung vun de Fraën, an engem mohammedanesche Land, wou dat Wuert Integrismus keen eidelt Wuert as, nüt émmer a bei jidferengem op Géigeléift stéisst. Am Géigendeel. Et kënnt vir, dass mohammedanesch Extremisten d'Agencen oder d'Personal vun der Bank ugräifen oder dass se énnert der Hand d'Bank diffaméieren.

Mee heiånsdo kënnt d'Kritik och vun engem anere Bord: D'Demokraten sin deels schockéiert vun der paternalisterischer Ideologi vun der Bank, a besonesch eng Praktik gét kritiséiert, an zwar, dass d'Bank verlaangt, dass d'Baueren d'Kaderen vun der Bank op eng militäresch Aart a Weis gréissen. De President vun der Bank verteidegt dat, andeems e seet, jorhonnertelaang sin d'Fraë geléiert gin, hire Kapp no énnen ze bécken. De militäresche Grouss verlaangt, dass si no uewe kucken, wat si aus enger énnergeuerdneter Positioun eraushëllt.

Vun där Explicatioun kann een halen wat ee wëllt, a vläicht si mir hei an Europa och vill ze wäit ewech, fir dat kënne richteg ze beurteelen. Ech mengen ét kann een awer mat dem Här Yunus d'accord sin, dass seng Bank dozou bäidréit, dass déi bengalesch Geellschaft an déi richteg Richtung évoluéiert. An d'Grameen Bank, d'Bank vun deenen Aarmen, as wahrscheinlech och nüt ganz onschélleg drun, dass bei deene leschte Legislativwahlen am Bangladesh, besonnesch énnert de Fraën, eng héich Walbedeelegung ze verzeechne war an dass déi mohammedanesch Integristen eng zolid Défaite erlidden hun.

Guy Antony

Bäitrag am Magazine BISTRO vu Radio ARA, den 24.12.1996
Quell fir d'Informatiounen rondërem d'Grameen Bank: Le Monde, 19.10.1996

in: Votre argent a du caractère

